N°903
Entrée le 15.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 903 vum 18. Juni 2024 vum honorabelen Deputéierten André Bauler a Gilles Baum.**

*Wéi vill Fäll vun Hautkriibs goufen zanter 2013 am Registre National du Cancer (RNC) erfaasst?*

Beim Hautkriibs ënnerscheet een zwëschent dem Melanome (schwaarzen Hautkriibs) an den Net-Melanome Hautkriibsarten (och heiansdo wäissen Hautkriibs genannt, op Englesch : Non-melanoma skin cancer (NMSC), wat haaptsächlech d'histologesch Forme vum „carcinome basocellulaire" (BCC) an den „carcinome spinocellulaire" (SCC) sinn.

D' Tableauen 1 an 2 weisen déi nei Fäll an d'Doudesfäll duerch déi verschidde Forme vun Hautkriibs zu Lëtzebuerg. D'Interpretatioun vun den Donnéeë muss mat Virsiicht gemaach ginn, well een net mat Sécherheet ka soen ob d' Donnéeën exhaustiv sinn. Och bei den däitschen Donnéeën déi déi honorabel Deputéiert an hirer Fro zitéieren, weist d' "Statistisches Bundesamt" dorop hin, dass dës net onbedéngt ganz korrekt sinn, well z.B. de Risiko besteet dass Patienten an Däitschland duebel gezielt goufen, wann si noeneen a verschiddene Spideeler behandelt goufen.

***Tableau 1: Nei Fäll vun Melanome an Net-Melanome Hautkriibs (NMSC) pro Joer***

| CIM-10 | Global | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020** | 2021** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| C43: Mélanome cutané | 1,040 | 79 | 80 | 90 | 109 | 110 | 122 | 127 | 132 | 161 |
| C44: NMSC | 1,667 | 463 | 528 | 419 | 209 | 30 | 5 | 7 | 1 | 1 |

*Source : Registre national du cancer. Les cas marqués d'un astérisque (**) indiquent que la collecte des données est toujours en cours. CIM-10 : classification internationale des maladies, version 10.

Et gesäit ee kloer dass déi nei Fäll vu Melanome konstant iwwert d'Joeren zouhuelen. Bei den NMSC geet d'Zuel rapid erof säit 2016. Dëst ass drop zeréckzeféieren dass d'Collecte vun den Donnéeë bei den NMSC net komplett ass (weider Detailer dozou ënnert dem Punkt 3).

***Tableau 1: Doudesfäll duerch Melanome a Nët-Mélanome Hautkriibs (NMSC) pro Joer ****

| **CIM-10** | **Global** | **2013** | **2014** | **2015** | **2016** | **2017** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| C43: Mélanome cutané | 135 | 18 | 20 | 12 | 14 | 13 | 12 | 15 | 21 | 10 |
| C44: NMSC | 52 | 2 | 9 | 5 | 1 | 6 | 3 | 7 | 10 | 9 |

*Source : Statistique des causes de décès

D'Doudesfäll duerch béid Forme vun Hautkriibs si relativ konstant iwwert d'Joeren, mat verschiddene Variatiounen, bedéngt och duerch déi kleng Zuel vun Fäll.

*Madamm Ministesch, wier et net sënnvoll och hei zu Lëtzebuerg een nationalen Depistage fir Hautkriibs anzeféieren ? Falls net, aus wéi enge Grënn ?*

Den Hautkriibs (Melanome an NMSC) ass eng vun de Kriibszorten déi ee potentiell relativ liicht evitéiere kann. Den Haaptrisikofakteur, nämlech d'Expositioun un d'Sonnestralung, kann een duerch e korrekt Verhalen einfach reduzéieren (Primär Preventioun), an d'Fréierkennung ass einfach doduerch dass suspekt Läsiounen einfach detektéiert kënne ginn (Sekundär Preventioun).

D'Gesondheetsdirektioun mécht reegelméisseg am Summer Preventiounscampagnen fir dass d'Leit sech géint d'UV Stralen schützen (z.B. de Schied opsichen, Sonnecrème benotzen, laang Kleeder droen, de Kapp bedecken, Sonnebrëll undoen, Vermeiden an der Mëttesstonn dobaussen ze sinn, am Beschte keng Sonnebänke (bronzage artificiel) benotzen, …). D'Dokteren an aner Gesondheetsberuffer sinn och wichteg Vecteuren vun dëse Preventiounsmessagen.

Eng fréi Diagnos erméiglecht et déi meeschte Fäll vun Hautkriibs ze traitéieren an ze heelen. Dofir sollen d'Leit, wa si Ännerungen op hirer Haut feststellen, esou schnell wéi méiglech dëst bei engem Dokter ofkläre loossen.

D'Fro stellt sech dofir effektiv ob e systemateschen Depistage vun der Populatioun Sënn géif maachen oder net.

Verschidde wëssenschaftlech Evaluatiounen iwwert den Notzen vun esou engem Programm goufe gemaach, ouni dass do e kloert Argument fir oder géint ee systematesche Programm dégagéiert konnt ginn. Déi rezentst Evaluatioun gouf vun der „US Preventive Services Task Force (USPSTF)" am Joer 2023 publizéiert a kënnt zur Conclusioun: "*The USPSTF concludes that the current evidence is insufficient to assess the balance of benefits and harms of visual skin examination by a clinician to screen for skin cancer in adolescents and adults*".

An deem Kontext ass et och wichteg drop hinzeweisen dass d'Europäesch Unioun net op de Wee vun engem systemateschen Hautkriibsdepistage geet an der rezenter "Recommandation du Conseil sur le renforcement de la prévention par la détection précoce: une nouvelle approche de l'Union Européenne en matière de dépistage du cancer, remplaçant la Recommandation 2003/878/CE du Conseil" vun 2022.

Och den däitsche "Krebsinformationsdienst" vum "Deutschen Krebsforschungszentrum (DKFZ)" den iwwert den "Hautkrebs-Screening" kommunizéiert, weist op méiglech Nodeeler vun deem Programm hin, z.B. falsch Diagnosen an eng Iwwerdiagnos, a recommandéiert dass all Persoun individuell mat sengem Dokter ofkläre soll ob en um Programm deelhëlt oder net.

Baséiert op dësen Iwwerleeunge proposéiert Lëtzebuerg aktuell kee systematesche Screening Programm fir seng Populatioun. Et ass awer duerchaus warscheinlech dass nei Technologien, ënnerstëtzt duerch eng Interpretatioun mat kënschtlecher Intelligenz, an der noer Zukunft den Notze vun engem Screening Programm positiv beaflossen kéinten. D'Direktioun vun der Santé wäert esou Entwécklunge ganz genau am Ae behalen, fir eventuell hier Positioun géint iwwer engem systematesche Programm ze adaptéieren.

*<u>Kann d'Madamm Ministesch präziséieren firwat net och d'Fäll vu wäissem Hautkriibs am RNC gesammelt ginn? Wier et eng Iwwerleeung wäert an Zukunft och dës Zort Hautkriibs am RNC ze erfaassen? "</u>*

Vun 2013 bis 2016 huet den Nationale Kriibsregister (RNC) och Net-Melanome Hautkriibs (NMSC) enregistréiert. Dunn 2017, an enger Reunioun mat dem klineschen Grupp "cancer de la peau", gouf d'Problematik vun der Net-Exhaustivitéit vun den Donnéeë fir den NMSC beschwat, an et gouf zesumme mat der "Société Luxembourgeoise de Dermatologie" decidéiert sech léiwer op de Melanome ze konzentréieren an den NMSC net méi ze enregistréieren.

Lëtzebuerg ass mat der Decisioun keng Ausnam. Et bestinn europawäit an och international wéineg fiabel epidemiologesch Donnéeën iwwert den NMSC, well et ebe ganz schwéier ass do komplett Donnéeën ze erhiewen. Dëst ass bedéngt duerch déi grouss Zuel vu Fäll, déi héich Këschte fir d'Collecte vun den Donnéeën, an d' Schwieregkeeten un d'Informatiounen ze kommen. Et ass effektiv esou dass d'Diagnos an d'Behandlung vun dëser Kriibszort vu ville medezinesche Spezialitéiten gemaach gëtt, oft och ambulatoire (wat den Zougrëff op een medezineschen Dossier méi schwéier mécht wéi an engem Spidol), heiansdo ouni histologesch Ënnersichung a mat verschiddenen Traitementer (Cryothérapie oder Opbréngen vun engem lokalen Medikament). Och kënne bei Hautkriibs ëfters multippel Läsiounen virleien, wat dann d'Fro vun den eenheetleche Reegele fir d'Enregistrement stellt (ass et ee Patient oder sinn et méi Hautkriibsfäll), fir dass d'Donnéeë vergläichbar bleiwen, och iwwert d'Zäit an zwëschent Länner.

Den RNC ass sech awer bewosst dass d'Thema vum wäissen Hautkriibs relevant bleift a probéiert eng europawäit eenheetlech Léisung ze fannen am Kader vum European Network for Cancer Registries (ENCR) wou Lëtzebuerg elo Member ass.

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez